Soziaalt Engagement

Situatioun

De Leeschtungsdrock ass an eiser Gesellschaft immens grouss. Dobäi komme verschidde Leit ënner d'Rieder. Denke mer nëmmen u Behënnerter, manner bemëttelt Leit, Leit mat Drogen- oder Alkoholproblemer, mëssbraucht Kanner a Jugendlecher. Den Individualismus an den Egoïsmus setzen sech ëmmer méi duerch. Wäerter wéi Solidaritéit gin a Fro gestallt, Wäerter, déi mer als Guiden a Scoute wëlle förderen. An eiser Gesellschaft ginn et eng ganz Rei vu Konflikter z.B. tëschent Patron an Aarbechter, tëschent Jonk an Al, an de Famillen an ënnert de Jugendleche selwer.

D'Guiden a Scoute sin an iwwer 170 Länner op der Welt vertrueden an hun op sozialem Gebitt scho villes bewierkt. Bei den LGS hu mer äis schons méi laang an anere Länner engagéiert.

Mee eng vun eisen Haaptaufgabe läit heiheem an eiser Gesellschaft an an eisen Uertschaften. Mir wëllen op si fir all déi Jonk, déi an eiser Uertschaft oder eisem Quartier liewen, an net äis nëmmen déi Membere siche goën, déi äis an de Krom passen. Als Jugendmouvement solle mer äis dëse Problemer bewosst sin an eppes dogéint maachen. Virun Jore schons hu mer Pionéieraarbecht geleescht, wéi mir physesch behënnert a charakterlech schwireg Kanner a Jugenlecher an eise Gamma-Guiden a -Scouten opgeholl hun. Och haut kënne mir op sozialem Plang vill maachen.

Ziler

An eisen Aktivitéite kënne mir déi sozial Kompetenzen vun eise Jugendleche förderen. Mir maachen äis op fir aner Leit an Organisatiounen, déi um soziale Gebitt schaffen. Mir wëlle si an hiir Aarbecht kennenléiren a mat hinnen zesummeschaffen.

Begrënnung

De Guidissem a Scoutissem wëllt

d'Selbstännegkeet an d'Kompetenze vum Eenzelnen,

d'Fähegkeet zum sozialen Engagement an d'Verantwortungsgefill vis-à-vis vun denen Anere stäerken

an dat am Bewosstsin, datt d'Léift leschten Enns göttlech ass.

Datt de B.P.de Scoutissem an den defavoriséierte Viruerte vu London lancéiert huet, weist äis, datt et eng Erzéiung vun all Jugendlech, ouni iergend eng Distinctioun soll sin. Fir de B.P. ass et een Zil vum Scoutissem a Guidissem, all Kand déi selwecht Chance ze ginn an déi ze favoriséieren, déi manner Gléck haten.

De B.P. sot, datt déi Jonk hir Erzéiung selwer an de Grapp huelen an net op eng Ausbildung vu bausse waarde sollen. Nom Motto "Ask the boy/girl" gi mir op d'Besoin-ën, Suergen a Konflikter vun eise Memberen an.

D'LGS als chrëschtleche Verband gesinn sech ëmmer erëm erausgefuerdert zum Opsi fir all Mënsch. Dat soziaalt Engagement ass dofir ee vun dene Wäerter, déi mer wëlle vermëttelen. Als Guiden a Scouten, als engagéiert Bierger an als Chrëschte wëlle mir eng méi mënschlech Gesellschaft opbauen.

Method

Eis Aart a Weis fir mat Kanner a Jugendlechen ze schaffe baséiert op dem Prinzip vum "Learning by doing". Bei äis ka jiddereen aktiv matmaachen. Eis sozial Aktioune sin net en distanzéiert *Fir*-déi-Aner, mee e Schaffe *mat* Aneren fir méi mënschlech Situatiounen.

Mir bestëmmen zesummen, wat mer wëllen ënnerhuelen. Am géigesäitege Respekt huele mir eis Decisiounen a léise mir eis eventuell Problemer. Dëse Grondsaz gëlt och fir eis Aktiounen op sozialem Plang. Och mat eisen "neie Frënn" zesummen iwwerleë mer wat ee ka maachen.

Schons ëmmer haten d'Aktivitéite vun de Guiden a Scoute präventive Charakter, an eis Methodë waren a sinn net ganz verschidde vun denen aus dem allgemenge soziale Sektor. Mir sin äis awer bewosst, datt mir Grenzen hunn an datt mer nëmmen a begrenztem Mooss therapeutesch kënne wierken.

Positiounspabeier zu der Aktioun "Nei Frënn", September 1997